**PL 6328**

**sur l'accueil de jeunes au pair, modifiant**

**1. la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration**

**2. la loi du 4 juillet 2008 sur la jeunesse**

Rapportrice: Tessy Scholtes

Rapport

Här President, léiw Kolleginnen a Kollegen,

De Projet de Loi iwwer deen ech schwätzen bedeit eng wichteg an noutwenneg Neierung fir eist Land. Et geet ëm jonk Au Pair Meedercher a Jongen déi mat dësem Gesetz eng legal Basis fir hieren Openthalt hei zu Lëtzebuerg kréien. Mir hu nämlech säit 2002 keng Gesetzgebung méi an dësem Fall. Ech erkläre mech: Lëtzebuerg huet 1969 den „Accord européen sur le placement au pair“, eng Konventioun vum Conseil de l'Europe, ënnerschriwwen an dësen och 1990 ratifizéiert. Mat dëser Konventioun gouf versicht gemeinsam Normen op d’Been ze setzen fir de Phenomen vum Au Pair ze encadréieren. E Jugement vum Tribunal Administratif vun 2002 huet awer dozou gefouert dass den Accord erëm dénoncéiert ginn ass an. Dese war also nëmmen ronn 12 Joer a Kraaft a säitdem hu mir keen Text méi deen den Openthalt vun den Au Pair am Grand-Duché reglementéiert. Zënter hier faalen dës jonk Leit ënner d'Konditioune vun engem normalen Arbechtsvertrag, wat de Gegebenheiten vun hierem Openthalt, eigentlech nët entsprëcht.

Et ass eng Tatsaach dass eng grouss Demande an dësem Beräich besteet, souwuel vu Familljen, déi een Au Pair ophuele wëllen, ewéi och vu Jonken déi dësen Zerviss hei zu Lëtzebuerg ubidde wëllen.

Schonn alleng déi verschidden Au pair-Communautéiten an de soziale Netzwierker um Internet esou wéi och déi sëlleg Demanden un déi verschidde Zervisser vum Familljeministère a vum Immigrationsministère beleen dëst. An dach ginn et aktuell keng Informatiounen iwwer déi genau Zuelen. Et schéngt awer evident dass eng Rei Au Pair ouni Arbechtsvertrag hei am Land sinn.

Et ass also definitiv e Besoin do fir déi aktuell Situatioun ze regelen, dofir gesäit de Koalitiounsaccord vun 2009 och d'Ausschaffen vun engem Gesetz vir, mam Objektiv d'Phenomen vum Au Pair hei zu Lëtzebuerg legal ze encadréieren. Esou geet et hei drëms:

- déi jonk Au Pair déi op Lëtzebuerg kommen, ze schützen an iwwer hier Rechter a Pflichten ze informéieren.
- Eng Ulafstell ze schafen fir Jonker vun hei, déi als Au Pair an d'Ausland goe wëllen.
- E Minimum u Qualitéit an dësem Beräich ze garantéieren well mir dierfe jo net vergiessen dass mir hei zum Deel vun der Betreiung vu klenge Kanner schwätzen!
- E weidere wichtege Punkt ass sëcherzestellen dass de Statut vum Au Pair net als verstoppte Méiglechkeet ugesi gëtt, fir eng verlängert Openthaltsgenehmegung ze kréien an/oder iwwer dëse Wee Zougank op eisen Arbechtsmaart ze kréien.

All dës Objektiver sinn un der Base vum virleienden Gesetzesprojet, deen déi zoustänneg Ministesch Marie-Josée Jacobs de 14. September 2011 an der Chamber déposéiert huet a fir deen ech de 4. Oktober 2011 an der Sitzung vun der Familljecommissioun als Rapportrice genannt gi sinn. De Projet ass an dräi Réuniounen diskutéiert ginn, gouf zwee mol vun der Regierung amendéiert an de Rapport ass d'lescht Joer de 4. Oktober an der Familljecommissioun ugeholl ginn.

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Dëst Gesetz schaaft een eegene Statut fir de jonken Au Pair, dee vergläichbar ass mam Volontaire aus dem Gesetz vun 2007, mat deem et ganz Rei vu Parallele ginn. Den Text inspiréiert sech souwuel um Geescht vum „Accord européen sur le placement au pair", deen ech virdru schon erwähnt hunn, an iwwerhëllt och Elementer aus der belscher Legislatioun mä et kann ee soen dass en a verschiddene Punkten méi strikt a méi prezis ass, also insgesamt méi wäit geet.

Zu de grousse Linnen ass ze soen dass de Projet ganz kloer festleet ënnert wéi enge Konditiounen den Au Pair a sénger Gaaschtfamill opgeholl gëtt a wéi eng Obligatiounen souwuel hien selwer ewéi och d'Famill ze erfëllen hunn. Den Accueil Au Pair gëtt als „le séjour temporaire au sein d'une famille, en contrepartie de légères tâches courantes d'ordre familial, de jeunes venus de l'étranger en vue de perfectionner leurs connaissances linguistiques et d'accroître leur culture générale par une meilleure connaissance du pays de séjour" am Gesetz definéiert.  Dës Definitioun seet ganz kloer aus dass den Au Pair **net** als full-time Kannermeedchen oder Haushaltshëllef ugesi gi kann an dofir ass zum Beispill festgeluecht dass séng Aufgaben am Haushalt net méi ewéi fënnëf Stonnen an der Moyenne pro Daag an net méi wéi 30 Stonnen an der Moyenne pro Woch bedroe kënnen. Des weideren muss hien genuch Zäit zur Verfügung gestallt kréien fir Sproochecour'en ze beleeen a sech kulturell weiderzebilden. Wichteg ze ennersträichen ass, dass tëschent dem Au Pair a senger Famille d'Accueil kee Lien de Subordination besteet an d'Dispositiounen aus dem Code du Travail sech nët applizéieren.

Här President,

De neien Au Pair- System dréit rondrëm dräi Axen:

-Eischtens den Agrément: D'Famill déi den Au Pair ophëllt brauch ee schrëftlëchen Agrément vum Familljeministère, dee verschiddene Conditiounen ënnerläit.

-Zweetens d'Approbatioun: De jonken Au Pair muss bei deem selweschte Minister eng Approbatioun froen éier hien op Lëtzebuerg kënnt. Fir dës Approbatioun ze kréien muss hien définéiert Conditiounen erfëllen a verschidde Pièce erareechen.

-Drëttens d'Conventioun: Et muss eng Conventioun tëscht der Famill an dem Au Pair ofgeschloss ginn, déi verschidde Modalitéite festleet wéi zum Beispill wéivill a woubäi de Jonken am Haushalt hëllefe soll oder wéi eng Sproochecour'en hien wéini vun der Famill bezuelt kritt.

Esouwuel den Agrément ewéi och d'Approbatioun kënnen ëwechgeholl ginn wann d'Conditiounen oder d'Engagementer net agehale ginn.

Da kritt de Staat duerch de Gesetzestext d’Méiglechkeet an de Prozess vum Accueil Au Pair anzegräifen an zwar duerch den SNJ, de „Service National de la Jeunesse“. Innerhalb vun dësem Zerviss gëtt eng Koordinatiounszell ageriicht, där hier Aufgab et wärt sinn den Empfank vum Au Pair ze koordinéieren, andeems si déi jonk Leit virun an während hirem Openthalt hei zu Lëtzebuerg informéiert a begleed. Dës Koordinatiounszell kann dann awer och eng Mediatiounsroll iwwerhuelen am Fall vu Konflikter a reservéiert sech zudeems d’Recht fir administrativ Kontrolle bei de sougenannte familles d’accueil duerchzeféieren.

Schliesslech wollt ech awer och nach e puer aner Punkten opgräifen, déi a mengen Aen wichteg ervirzesträichen sinn. An zwar muss den Au Pair volljähreg sinn an däerf d'Alterslimite vun 30 Joer nët iwwerschreiden. D'Dauer vum Accueil vum jonken Au Pair kann och net méi laang wéi ee Joer sinn a säin Tächegeld ass fixe op ee Véierel vum soziale Mindestloun festgeluecht. Dës zum Deel méi strikt Conditiounen, wéi déi an der Conventioun vum Conseil de l'Europe, soll allméiglech Abus'en vum Au Pair selwer a senger Fonktioun vu vir eran ausschléissen.

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Eier ech mat méngem Rapport iwwer de virléienden Gesetzestext ofschléissen, wëll ech awer nach kuerz vun de verschiddenen Avis'en vun de Beruffskummeren a vum Staatsrot schwätzen. Esou ass hei ze ennersträichen dass esouwuel d'Salariatskummer wéi och d'Handelskummer dëse Gesetzestext ausdrécklech begréissen, virun allem well si der Meenung sinn dass de proposéierten Text ee kohärenten an ausgeglachene rechtlechen Dispositiv schaaft, fir d'Phenomen vum Au Pair ze encadréieren. Besonnesch d'Salariatskummer begréisst dee méi strikte Kader, deen d'Encadrement vum jonken Au Pair prézis emräisst. Wat d'Handelskummer ubelaangt, hat si hier Reserven virun allem bei dräi Dispositiounen vum Projet an hierem éischten Avis matgedeelt, deene finalement alleguerte Rechnung gedroe gouf.

A séngem Avis vum 26. Juni 2012 huet de Staatsrot virun allem op eng, an sengen Aen, schwéierfälleg a komplizéiert Prozedur higewisen a fir d'Aféieren vun engem méi soupele System plädeiert. Esou schwätzt en sech fir een ähnleche System aus, wéi e fir d'Chercheur'en, déi am Kader vum Gesetz iwwer d'"libre circulation des personnes et de l'immigration" an eist Land kommen, fonktionnéiert.

Des weideren huet de Staatsrot d'Auteuren vum Gesetzesprojet opgefuerdert verschidde Punkten nach eng Kéier ze iwwerkucken, virun allem de System vum Agrément a vun der Approbatioun an huet och dräi formell Oppositiounen ausgeschwat.

A séngem Avis complémentaire bedauert de Straatsroot dann dass séng Iwwerleeungen fir ee mei soupele System net zréckbehale goufen a proposéiert een ofgeännerten Text ouni d'Approbatiounsprozedur. An der Sëtzung vum 18. September d'lescht Joer huet d'Familljecommissioun awer décidéiert bei der initialer Versioun vum Projet ze bleiwen, well si keng wesentlech Vereinfachung an der Propose vum Staatsrot festgestallt huet.

Da ginn ech nach gäeren op ee méi problematesche Punkt an, an zwar dee vum Versëcherungsschutz vum jonken Au Pair, deen an de Versammlungen vun der Familljecommissioun esou wéi och am Avis vun der Handelskummer opgegraff gouf. An enger éischter Propose hunn d'Auteuren vum Gesetzesprojet ee System virgeschloen, wou d'Gaaschtfamill eng Assurance fir de jonken Au Pair ofschléisse sollt. Heivun gouf awer dunn ofgesinn an zwar zu Gonschte vum obligatoresche Bäitrëtt zum nationale System vun der Sécurité Sociale. Esou gouf ee Regierungsamendement presentéiert, deen d'Famill obligéiert den Au Pair, conform zum Code vun der Sécurité Sociale, an der Krankekeess an an der Assurance Accident unzemellen. Obwuel ee Moment an der Kommissioun gefart gouf, dass dës Assurancen eréischt dräi Méint no der Affiliatioun vum Au Pair a Kraaft triede géngen, woren dës Befierchtungen, op Nofro hinn, awer net begrënnt an d'Inspection générale de la sécurité sociale, d'IGSS, huet  der Kommissioun matgedeelt, dass de Versëcherungsschutz vun de jonken Au Pair ab dem Moment vun hierer Affiliatioun gëllt.

Dir Dammen an dir Hären,

Sou wäit zu méngem mëndlëche Rapport. Eier ech den Accord vun der CSV-Fraktioun zum virléienden Gesetzesprojet ginn, wëll ech Iech nach e puer grondsätzlech Iwwerleeungen zum Projet matdeelen.

Mir si frou dass duerch dëst Gesetz endlech eng Kloerheet am Dossier Au Pair geschaafe gëtt, well mir der Meenung sinn dass eng grouss Demande an eisem Land besteet. Dat schonn alleng duerch de Fait dass mir vill auslännesch Matbierger hei wunnen hunn, ënner anerem duerch d’europäesch Institutiounen. Fir dës Leit ass et flott e jonken Au Pair an der Famill ze hunn dee mat de Kanner an hierer Mammesprooch schwätzt a soumat och e gewësse Lien zu hierem Heemechtsland duerchstellt.

De Séjour Au Pair bedäit an den Aen vun eiser Fraktioun virun allem eng immens grouss kulturell Beräicherung an dëst souwuel fir de jonken Au Pair wéi och fir d’Gaaschtfamill. Wann een iwwer d’Erfahrunge vun de jonken Au Pair um Internet liest, falen engem déi vill Témoignagen op, déi beschreiwen, dass et keng besser Method gëtt ee friemt Land kennen ze léieren, wéi an enger Famill vun do ze liewen. Vill jonk Au Pair schwätzen vun enger ganz beräicherender perséinlecher a kultureller Erfahrung déi si gemaach hunn. Och wat d’Léieren oder d’Verbesserung vun de Sproochekenntnisser ubelaangt, ass d’Erfahrung vun engem Au Pair - Openthalt immens preziéis. Ech wollt dann awer och nach e finanziellt Argument zu Gonschte vum Au Pair Openthalt erwähnen, dat net ze ennerschätzen ass.  Esou bidd de Séjour au Pair jonke Leit d’Méiglechkeet nei Länner a Kulturen kennenzeléieren, déi dëst an engem anere Kontext iwwerhaapt nët maache kéinte wéint finanziellen Aschränkungen.

Mä och fir Familljen déi een Au Pair ophuelen deen aus engem anere Land, enger anerer Kultur wéi hierer kënnt, ass et eng Beräicherung esouwuel fir d'Entwécklung vun de Kanner wéi och fir d'Weiderbildung vun den Erwuessenen. Et bedäit demno engersäits eng Stäip fir de Familljenalldaag ze meeschteren an anerersäits eng Méiglechkeet säi kulturellen Horizont ze erweideren.

Här President,

Ofschléissend wëll ech ënnersträichen dass de virleiende Gesetzestext allgemeng vu grousser Wichtegkeet fir jonk Leit ass. An eiser globaliséierter Welt gëtt d'Mobilitéit ëmmer méi einfach an ëmmer méi natirlech an dat ass och am multikulturelle Lëtzebuerg de Fall. Mir brauchen eis als klengt, awer interessant Land net ze verstoppen an dofir begréisse mir dass d'Gesetz dem Jonken d'Méiglechkeet gëtt séng Culture générale duerch d'Kenneléieren vum Grand-Duché ze erweideren.

Hautesdaags ass et awer och méi wéi je wichteg dass déi jonk Leit mat engem zolitte Bagage a Background an d'Beruffsliewen eraklammen. Charaktereegeschaften wéi Selbststännegkeet, Zouverlässegkeet oder Verantwortung sinn hei vu Bedäitung. Des weidere spille Sproochekenntnisser eng grouss Roll a bedäiten e wichtegen Atout fir d'professionnellt Liewen. D'Viraussetzunge fir dësen Erausfuerderungen gerecht ze ginn, bidd de virleiende Projet de Loi an dofir gëtt d'CSV Fraktioun hieren Accord.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren!